*Dir sidd déi gréisst*

Zou' E'ren vun denen déi hirt Liewen fir t'Hémecht geaffert hun.

Fir t'Hémecht gou'wt dir e'rt Liewen,
an t'Hémecht wéiss i'ch Dank,
well hir golt all e'rt Striewen,
dir hu't sie trei bekannt.

Am grou'sse Kampf fir Recht a Mönschlechkéit,
hu dir gereng geu'cht é'rt éige Léd,
dir hu't der Hémecht stöll é'rt Liewe gin,
dat mir Letzeburger könne bleiwe wat mir sin.

Dir wort esou' trei, esou gud,
fir t'Freihét ass gefloss é'rt Blut,
Dir sit fir Kro'n, Glaw an oni Bang,
an der Dou'd, - als Helden fun ons gang.

Dir sid déi grésst, é'ren Dou'd war net ömsoss
aus dem grou'ssen Onhe'l, ass t'Freihét nei erspross,
schloft a rou'h an a Friden,
vergies gid der nie fun ons heiniden.

J. HAAS

## VERGEWALTEGT, GEZWONGEN :

Si Haten eis Hemecht, eis Fräiheet geholl
eise Fuendel,... eis hellecht's Gidder
si haten entweiht ons Hemechts'scholl
verbueden eis Sprooch an och eis Lidder

Mir konnten nët erdroen den Zwang an déi Schmood
mir haten eist Land esou giren
Géint Terror,Prisong ewéi Verrot
wëlle mir eis bis zum leschte wieren

Ni hätte mir och gebrach deen hëllegen Eed
dee mir der Hemecht geschwueren
si trei dir nach am déiwste Leed
o Lëtzebuerg dat mech gebueren

Wéi si eis gezwongen,verfollegt,gehäzt,gejot
an op de kräizwee eis gezwongen
hu stëll mir eise leschten ame gesot
mat him ass eist Liewen verklongen

Mir ruffen dech haut,léift Hemechtsland
fir dat mir sou villes gelidden
o bleif an der Fräiheet och trei dëngem Kand
et gong an der Doud fir däi Fridden.

Jäng HAAS, Schëfflëng.

__Zu Eieren:__

vun deene Schefflënger,déi an den Nazijoeren 1940-1944
fir d'Hemecht gelidden a gestridden hun,
déi fir hir Trei zu Troun a Lëtzebuerg
hiirt Liewen durech d'Nazibrütten hu misse lossen
an hirgin.

Den Autor.